ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie, d'Madamm Justizminister an den Här Transportminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Luxembourg-listed ship lost in storm was in poor shape", deen den 19. Abrëll an der Luxembourg Times publizéiert gouf, heescht et, datt e Schëff ënner Lëtzebuerger Fändel, wat de 26. September 2019 um Atlantik op hallwem Wee zwëschent der Afrikanescher an der Südamerikanescher Küst ënnergaangen ass, an engem schlechten Zoustand war. Dëst, obwuel et am Virfeld kloer Warnunge vum zoustännege Personal gouf, datt d'Schëff net uerdentlech gewart an duerfir net prett wier, fir auszelafen. Bäi dësem trageschen Accident koume schlussendlech 14 Leit vun der Besatzung ëm d'Liewen.

Duerfir géif ech deenen dräi Ministere gär folgend Froe stellen:

1) Ass Lëtzebuerg all sénge Flichten als Flaggestaat nokomm? Wéi ass et méiglech, datt e Schëff ënnert Lëtzebuerger Fändel an esou engem miserablen Zoustand huet däerfe navigéieren?
2) Lafen international Enquête géint Lëtzebuerg an/oder dem Pavillon maritime wéinst dem Akzident?
3) Wéi eng Konsequenzen huet Lëtzebuerg aus dësem Akzident gezunn, esou wuel wat d'Iwwerpréiwung vun de Schëffer beim Enregistrement ugeet, wéi och bei dene lafende Sécherheetskontrollen?
4) Bei deene Verstuerwene handelt et sech bis op ee Mann aus Kroatien ausschliisslech em Bierger aus net EU-Staaten (Philippinen, Russland, Südafrika, Ukrain). Bezillt de Staat an dëse Fäll Sozialleeschtungen un d'Familljemembere vun deene verstuerwene Besatzungsmembere, zum Beispill duerch eng Witwerent? Steet d'Regierung am Austausch mat deene concernéierten Autoritéiten an den Hierkonftslänner vun deene Leit?
5) Kënnen d'Famillje vun deene verstuerwene Besatzungsmemberen viru Lëtzebuerger Geriichter en zivillrechtleche Schuedensersazusproch géint d'Bedreiwerfirma, respektiv géint Lëtzebuerg lancéieren? Wa jo, op wéi eng Modalitéite mussen si dobäi oppassen? Wann net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten